N°308
Entrée le 08.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.02.2024
Chambre des Députés

adr

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2024

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Am Kader vun engem responsabelen Ëmgank mat de Staatsfinanzen ass et noutwenneg, och déi finanziell Situatioun vun de Gemengen ze kennen an am A ze behalen. An deem Kontext wär et wichteg ze wëssen, wéi héich d'Gemengen am Joer 2023 verschëlt waren a wéi sech d'Pro-Kapp-Verschëldung vun den eenzele Gemenge gestalt.

Am deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung an enger Tabell – an opgeschlësselt no all eenzel Gemeng - opléschten, wéi héich d'Schold vun deene jeeweilege Gemengen am Joer 2023 war?
2. Kann d'Regierung an enger Tabell – an opgeschlësselt no all eenzel Gemeng - opléschten, wéi héich d'Pro-Kapp-Verschëldung vun deene jeeweilege Gemengen am Joer 2023 war?
3. Am Hibléck op d'Pro-Kapp-Verschëldung vun de Gemengen: Vu wéi engem Seuil u gesäit d'Regierung eng kritesch oder schwiereg finanziell Lag fir d'Gemeng?
4. Wéi eng Gemenge befannen sech aktuell an enger kritescher oder schwiereger finanzieller Situatioun?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°308
Entrée le 06.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 308 vum éierbaren Deputéierte Fred Keup zum Sujet "Situation financière des communes"**

Den Artikel 118 vum Gemengegesetz gesäit vir: "*L'administration communale peut recourir au crédit pour financer des dépenses extraordinaires si un autre financement n'est ni possible ni économique et si le remboursement régulier des annuités est assuré.*". Ech weisen och drop hin, datt d'Schold vun de Gemengen ënner anerem mat der Staatsschold konsolidéiert gëtt an domadder de Maastricht-Krittären ënnerläit.

Den Innenministère huet eng Iwwersiicht iwwer déi finanziell Verscholdung vun de Gemengen duerch d'Surveillance vun de Gemengen, d'Arrêtéë vun deBudgeten, d'Budgets rectifiés a Konten, d'Plans pluriannuels de financement, an d'États détaillés de la situation financière vun de Gemengen.

An der Annex ass eng Opleschtung vun der Schold, déi d'Gemenge bei de Banken op den 31.12.2023 opstoen haten, esou wéi d'Pro-Kapp-Verschëldung vun deene jeeweilege Gemengen am Joer 2023.

Et ass wichteg ze betounen, dass d'Regierung sech net op d'Pro-Kapp-Verscholdung vun de Gemengen baséiert fir ze detektéieren, ob eng Gemeng sech an enger kritescher oder finanziell schwiereger Situatioun befënnt. Eng Gemeng kéint beispillsweis eng signifikativ Pro-Kapp-Verschëldung hunn, awer finanziell gutt do stoen.

Dowéinst kuckt d'Regierung d'Capacitéit vun der Gemeng, fir en Emprunt zeréckzebezuelen. D'Annuitéit ass d'Zomm vun den Zënsen an de Remboursement vum Emprunt op ee Joer gekuckt. Doduerch datt d'Annuitéiten iwwert de Fonctionnementsbudget vun enger Gemeng bezuelt ginn, ass garantéiert, datt d'Gemengen net an eng Scholdespiral gerode kënnen. Ënnert dësen Ëmstänn ass eng Schold ee gängege Finanzéierungsmodus vun Infrastrukturen a gëtt enger Gemeng och nëmmen dann accordéiert, wann d'Gemeng à même ass, den Emprunt iwwer de Fonctionnementsbudget zeréckzebezuelen.

Aktuell kruten alleguerten d'Gemengen hire Budget am Equiliber opgestallt. Domadder ass séchergestallt, datt all Gemengen hir Schold rembourséiere kënnen.

D'Servicer vum Inneministère stinn mat de Gemengen a Kontakt a bidden eng finanziell Berodung un, fir präventiv Mesuren ze recommandéieren.

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden

| | Gemeng | Verschëldung op dem 31.12.2023 |
|---|---|---|
| 1 | Beaufort | 0,00€ |
| 2 | Bech | 2 321 937,73€ |
| 3 | Beckerich | 2 987 398,78€ |
| 4 | Berdorf | 1 212 160,96€ |
| 5 | Bertrange | 4 685 366,87€ |
| 6 | Bettembourg | 78 114 669,90€ |
| 7 | Bettendorf | 2 946 707,05€ |
| 8 | Betzdorf | 0,00€ |
| 9 | Bissen | 9 727 986,28€ |
| 10 | Biwer | 0,00€ |
| 11 | Boulaide | 7 092 867,33€ |
| 12 | Bourscheid | 252 611,83€ |
| 13 | Bous-Waldbredimus | 2 554 830,27€ |
| 14 | Clervaux | 2 108 878,26€ |
| 15 | Colmar-Berg | 0,00€ |
| 16 | Consdorf | 1 757 986,84€ |
| 17 | Contern | 11 725 582,14€ |
| 18 | Dalheim | 195 146,73€ |
| 19 | Diekirch | 23 364 420,64€ |
| 20 | Differdange | 46 551 722,09€ |
| 21 | Dippach | 7 388 853,36€ |
| 22 | Dudelange | 58 091 556,33€ |
| 23 | Echternach | 63 368 969,23€ |
| 24 | Ell | 4 986 085,56€ |
| 25 | Erpeldange-sur-Sûre | 2 694 464,13€ |
| 26 | Esch/Alzette | 27 044 065,97€ |
| 27 | Esch-sur-Sûre | 18 433 851,33€ |
| 28 | Ettelbruck | 9 904 831,44€ |
| 29 | Feulen | 5 552 646,27€ |
| 30 | Fischbach | 28 159,27€ |
| 31 | Flaxweiler | 464 725,13€ |
| 32 | Frisange | 2 754 647,51€ |
| 33 | Garnich | 2 392 457,97€ |
| 34 | Goesdorf | 5 619 050,59€ |
| 35 | Grevenmacher | 23 754 392,06€ |
| 36 | Groussbus-Wal | 16 058 335,71€ |
| 37 | Habscht | 2 028 391,92€ |
| 38 | Heffingen | 3 445 917,78€ |
| 39 | Helperknapp | 17 177 572,99€ |
| 40 | Hesperange | 0,00€ |
| 41 | Junglinster | 55 404 214,62€ |
| 42 | Käerjeng | 2 068 586,59€ |
| 43 | Kayl | 15 145 379,85€ |
| 44 | Kehlen | 27 724 892,69€ |
| 45 | Kiischpelt | 3 409 257,70€ |
| 46 | Koerich | 0,00€ |
| 47 | Kopstal | 0,00€ |
| 48 | Lac de la Haute-Sûre | 5 131 640,05€ |
| 49 | Larochette | 796 639,15€ |
| 50 | Lenningen | 41 607,85€ |
| 51 | Leudelange | 8 243 747,71€ |

| | Gemeng | Verschëldung op dem 31.12.2023 |
|---|---|---|
| 52 | Lintgen | 3 823 335,01€ |
| 53 | Lorentzweiler | 21 702 406,44€ |
| 54 | Luxembourg | 0,00€ |
| 55 | Mamer | 80 482 767,08€ |
| 56 | Manternach | 0,00€ |
| 57 | Mersch | 6 222 077,48€ |
| 58 | Mertert | 34 129 862,21€ |
| 59 | Mertzig | 14 367 383,39€ |
| 60 | Mondercange | 19 818 867,75€ |
| 61 | Mondorf-les-Bains | 207 150,87€ |
| 62 | Niederanven | 0,00€ |
| 63 | Nommern | 1 044 614,33€ |
| 64 | Parc Hosingen | 642 517,47€ |
| 65 | Pétange | 2 454 372,21€ |
| 66 | Préizerdaul | 8 156 053,39€ |
| 67 | Putscheid | 0,00€ |
| 68 | Rambrouch | 25 786 678,17€ |
| 69 | Reckange/Mess | 5 854 460,52€ |
| 70 | Redange/Attert | 7 327 318,05€ |
| 71 | Reisdorf | 2 401 876,33€ |
| 72 | Remich | 9 859 745,47€ |
| 73 | Roeser | 32 051 998,18€ |
| 74 | Rosport-Mompach | 6 932 772,56€ |
| 75 | Rumelange | 3 367 619,69€ |
| 76 | Saeul | 1 266 514,55€ |
| 77 | Sandweiler | 0,00€ |
| 78 | Sanem | 39 937 919,48€ |
| 79 | Schengen | 999 040,06€ |
| 80 | Schieren | 8 857 790,23€ |
| 81 | Schifflange | 35 547 921,01€ |
| 82 | Schuttrange | 0,00€ |
| 83 | Stadtbredimus | 0,00€ |
| 84 | Steinfort | 25 897 491,07€ |
| 85 | Steinsel | 15 644 691,18€ |
| 86 | Strassen | 0,00€ |
| 87 | Tandel | 7 882 326,59€ |
| 88 | Troisvierges | 14 505 507,59€ |
| 89 | Useldange | 1 991 889,59€ |
| 90 | Vallée de l'Ernz | 0,00€ |
| 91 | Vianden | 7 871 052,59€ |
| 92 | Vichten | 2 197 387,79€ |
| 93 | Waldbillig | 5 287 777,44€ |
| 94 | Walferdange | 18 555 779,60€ |
| 95 | Weiler-la-Tour | 2 917 458,59€ |
| 96 | Weiswampach | 11 984 957,71€ |
| 97 | Wiltz | 68 370 250,00€ |
| 98 | Wincrange | 3 799 881,03€ |
| 99 | Winseler | 1 924 955,83€ |
| 100 | Wormeldange | 0,00€ |

| | Gemeng | Pro-Kapp-Verschëldung op den 31.12.2023 |
|---|---|---|
| 1 | Beaufort | 0,00€ |
| 2 | Bech | 1 711,08€ |
| 3 | Beckerich | 1 042,36€ |
| 4 | Berdorf | 546,26€ |
| 5 | Bertrange | 540,54€ |
| 6 | Bettembourg | 6 838,97€ |
| 7 | Bettendorf | 965,50€ |
| 8 | Betzdorf | 0,00€ |
| 9 | Bissen | 2 819,71€ |
| 10 | Biwer | 0,00€ |
| 11 | Boulaide | 4 731,73€ |
| 12 | Bourscheid | 150,54€ |
| 13 | Bous-Waldbredimus | 827,07€ |
| 14 | Clervaux | 350,25€ |
| 15 | Colmar-Berg | 0,00€ |
| 16 | Consdorf | 830,41€ |
| 17 | Contern | 2 680,75€ |
| 18 | Dalheim | 81,04€ |
| 19 | Diekirch | 3 202,80€ |
| 20 | Differdange | 1 576,10€ |
| 21 | Dippach | 1 594,14€ |
| 22 | Dudelange | 2 646,18€ |
| 23 | Echternach | 10 795,40€ |
| 24 | Ell | 3 151,76€ |
| 25 | Erpeldange-sur-Sûre | 1 109,29€ |
| 26 | Esch/Alzette | 738,40€ |
| 27 | Esch-sur-Sûre | 5 891,29€ |
| 28 | Ettelbruck | 1 022,38€ |
| 29 | Feulen | 2 346,85€ |
| 30 | Fischbach | 21,53€ |
| 31 | Flaxweiler | 211,91€ |
| 32 | Frisange | 560,80€ |
| 33 | Garnich | 1 045,20€ |
| 34 | Goesdorf | 3 376,83€ |
| 35 | Grevenmacher | 4 665,04€ |
| 36 | Groussbus-Wal | 7 230,23€ |
| 37 | Habscht | 406,33€ |
| 38 | Heffingen | 2 224,61€ |
| 39 | Helperknapp | 3 476,54€ |
| 40 | Hesperange | 0,00€ |
| 41 | Junglinster | 6 425,91€ |
| 42 | Käerjeng | 187,80€ |
| 43 | Kayl | 1 535,26€ |
| 44 | Kehlen | 4 338,11€ |
| 45 | Kiischpelt | 2 705,76€ |
| 46 | Koerich | 0,00€ |
| 47 | Kopstal | 0,00€ |
| 48 | Lac de la Haute-Sûre | 2 277,69€ |
| 49 | Larochette | 360,80€ |
| 50 | Lenningen | 20,10€ |
| 51 | Leudelange | 2 980,39€ |

| | Gemeng | Pro-Kapp-Verschëldung op den 31.12.2023 |
|---|---|---|
| 52 | Lintgen | 1 112,73€ |
| 53 | Lorentzweiler | 4 800,36€ |
| 54 | Luxembourg | 0,00€ |
| 55 | Mamer | 7 562,04€ |
| 56 | Manternach | 0,00€ |
| 57 | Mersch | 598,68€ |
| 58 | Mertert | 6 669,90€ |
| 59 | Mertzig | 6 062,19€ |
| 60 | Mondercange | 2 783,94€ |
| 61 | Mondorf-les-Bains | 38,19€ |
| 62 | Niederanven | 0,00€ |
| 63 | Nommern | 726,94€ |
| 64 | Parc Hosingen | 159,20€ |
| 65 | Pétange | 119,36€ |
| 66 | Préizerdaul | 4 464,18€ |
| 67 | Putscheid | 0,00€ |
| 68 | Rambrouch | 5 332,23€ |
| 69 | Reckange/Mess | 2 141,35€ |
| 70 | Redange/Attert | 2 395,33€ |
| 71 | Reisdorf | 1 775,22€ |
| 72 | Remich | 2 455,73€ |
| 73 | Roeser | 4 814,78€ |
| 74 | Rosport-Mompach | 1 871,70€ |
| 75 | Rumelange | 591,64€ |
| 76 | Saeul | 1 288,42€ |
| 77 | Sandweiler | 0,00€ |
| 78 | Sanem | 2 178,47€ |
| 79 | Schengen | 192,27€ |
| 80 | Schieren | 4 121,82€ |
| 81 | Schifflange | 3 128,39€ |
| 82 | Schuttrange | 0,00€ |
| 83 | Stadtbredimus | 0,00€ |
| 84 | Steinfort | 4 411,09€ |
| 85 | Steinsel | 2 824,46€ |
| 86 | Strassen | 0,00€ |
| 87 | Tandel | 3 522,04€ |
| 88 | Troisvierges | 4 129,09€ |
| 89 | Useldange | 959,95€ |
| 90 | Vallée de l'Ernz | 0,00€ |
| 91 | Vianden | 3 572,88€ |
| 92 | Vichten | 1 542,03€ |
| 93 | Waldbillig | 2 697,85€ |
| 94 | Walferdange | 2 125,52€ |
| 95 | Weiler-la-Tour | 1 167,92€ |
| 96 | Weiswampach | 5 181,56€ |
| 97 | Wiltz | 8 601,11€ |
| 98 | Wincrange | 790,98€ |
| 99 | Winseler | 1 322,99€ |
| 100 | Wormeldange | 0,00€ |